

wat hei a groussen Zich ugedeit gëtt an dësem Plang.

Dir hutt dann d'Aarbechtsrecht ugeschwat, de Contrat de travail partagé. Do gëtt geschriwwen, datt studéiert gëtt, ob dat eventuell eng Méiglechkeet wier. Dat mécht natierlech den Aarbechtsminister a Gespräicher an no Gespräicher mat de Gewerkschaften.

Wat ass de Sënn dovun? Et ass net, datt een deen een Dag soll zu Ëlwen schaffen, an deen aneren Dag soll am Süden iergendwou schaffen. Wa mer zwee kleng Betriber hunn, déi jidderee vläicht nëmmen annerhallwe Mann beschäftege kënnen an net iergendwéi eppes zesumme maache kënnen, da ginn nëmmen zwee Leit agestellt. Een an een. Et geet dorëm ze kucken, wa vläicht deen een en hallwen an och deen aneren en hallwe brauch, a wa se sech gutt zesumme concertéieren an de Contrat de travail partagé géif geschafe ginn, datt se da vläicht dräi Leit kënten astellen.

Also de Prinzip ass, fir ze kucken, wéi mer dohinner komme kënnen, datt kleng Betriber, déi vläicht Problemer hunn, fir eng zousätzlech Aarbechtskraaft anzustellen, vläicht gemeinsam kënnen zousätzlech Aarbechtskräften astellen. Do muss een natierlech de Modell kucken an diskutéieren, fir datt d'Salariéen do net ganz schlecht Aarbechtskonditiounen kréien a vun enger Plaz op déi aner musse goen. Dat schéngt mer evident ze sinn. Mä hei am Plang steet just, datt sech un deem Modell inspiréiert gëtt, fir ze kucken, ob een net kann en anere Modell hei schafen, deen de kleng Betriber méi Flexibilitéit gëtt, wéi dat bis elo de Fall war.

Dann ass gefrot ginn, wou de Bilan vum zweete Plang ass. Ech sinn d'accord domat, datt de Bilan hei net virgestallt ginn ass. Dat hätt wahrscheinlech haut och vill ze laang gedauert. Ech hätt lech en och kënnen zouschécken, dat ass richtig. Mä ech hunn lech gesot, dee Plang hei ass ausgeschafft gi mat fënnf Beruffsorganisatiounen an déi hunn e Bilan virgeluecht kritt. Mir hunn also e Bilan opgestallt.

Wat ass realiséiert gi vum zweete Programm? Ech hunn lech gesot, zwee Drëttel vun de Moossname si realiséiert ginn. An déi Beruffsorganisatiounen, d'Commission nationale des classes moyennes, hu selwer e Bilan gemaach, fir ze kucken, wou nach Problemer opstoe bliwwen sinn an ob een een déi réaliséiere kann oder net. Da si se entweder mat iwwerholl ginn an dëse Plang oder se sinn net mat iwwerholl ginn.

De Problem vun de Failliten stoung effektiv schonn an ähnlecher Form an deem leschte Plang. Dat ass net esou exekutéiert an duerchgezu ginn, wéi dat geduecht war. Mä jiddferee seet jo, datt d'Failliten e grouse Problem sinn an datt mer kucke mussen, déi méiglechst ze vermeiden, preventiv ze schaffen, wéi den Här Clement dat och ganz kloer hei ënnerstrach huet.

Am Aktionsprogramm kennt jo déi Suerg zum Virschäin an d'Fro, wat ee maache kann, fir datt d'Betriber net an d'Failliten ginn, mä datt Clignoteuren uginne, fir datt ee mat Zäit preventiv schaffe kann an iwwert d'Gestion contrôlée oder aner Moossnamen hinnen Hëllef kann, datt se déi schwierig Zäit iwwerbrécke kënnen.

Den Här Kox huet och ouni kloeren Zesammenhang gesot: Weniger ist mehr. Et soll ee sträichen. Ech wier eigentlech ganz interesséiert gewiescht ze héieren, wat den Här Kox da gäre gestrach hätt. Ech hunn iwwerhaupt näischt dovunner gehéiert. Dat heescht, hie stellt ëmmer nëmme Froen, mä wann e selwer soll konkret Propositionen maachen, da kennt leider net ganz vill, muss ech soen.

» **Une voix.** - An ze wiewier Der net méi eleng.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Jo, mä ech hätt gäre gehéiert: „Dat doten an

dat dote brauche mer net; ech mengen, dat war iwwerflësseg.“ Dann hätt ee kënnen doriwwer diskutéieren. Also Saachen, wou Dir mengt, si wären net richtig, da kann een dat opgräifen a kucken: Ass dat richtig, wat Dir sot, oder ass et net richtig? Mä einfach ze soen: „Hien hätt solle sträichen, weniger ist mehr“, ech weess net, ob dat eng konstruktiv Debatt erméiglecht.

Dann huet den Här Mehlen gesot: Firwat iwwerhaupt eng Konsultatiounsdebatt hei an der Chamber? Also, wéi een et mécht, ass et falsch! Soss gëtt ëmmer gefrot, an der Chamber solle mer dat alles diskutéieren. An dat hei ass e wichtige Programm; e ganz wichtige Programm. Dat ass ënnerstrach gi vu jiddferengem.

Ech hunn duergeluecht, datt et e Programm ass vun der ganzer Regierung, dee vill Departementer betrëfft, deen och vill Chamberskommissiounen betrëfft. Da war et wichtig, datt mer hei an der Chamber géifen doriwwer diskutéieren, datt déi ganz Chamber hei mat involvéiert wär an éischters emol kéint dee Programm zur Kenntnis huelen an zweetens doriwwer diskutéieren. Dat, wat hei gesot ginn ass, huele mer och zur Kenntnis. Mir kucken, ob ee vläicht dat eent oder dat anert ka besser maachen.

Dir hutt nom Bilan gefrot. Ech kucken, ob mer lech net an nächster Zäit kënnen dann e Bilan virun der Kommissioun presentéieren oder awer och zoukomme loossen.

» **M. le Président.** - Här Minister, den Här Mehlen wëllt eng Fro stellen.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Jo?

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Kënne mer dann elo dermat rechnen, datt all Minister, deen e Ressort huet an esou, regelméisseg hei d'Chamber konsultéiere kënn, ob dat, wat hie wëllt huet ze maachen, richtig ass?

(Interruption)

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Här Mehlen, ech verstinn dat do absolut. Dat hei ass en Aktionsprogramm, deen a grouse Linne gewësse Moossname virstellt. Hei geet näischt an den Detail. Vläch hätt een nach kënnen waarden, Här Mehlen, datt Dir eis gesot hätt: Dat doten an dat dote géife mer esou oder esou maachen. Dat ass awer leider net geschitt. Dir hutt eng Partie Zitater gemaach. Dir hutt just gesot, de Coaching wier gutt. Ech huelen dat zur Kenntnis; ech fannen dat och ganz gutt. Et sinn also ganz positiv Moossnamen och am Programm.

Mä 1996 an 2001 hu mer och eng Konsultatiounsdebatt hei an der Chamber gemaach. Et ass vu jiddferengem begréisst ginn, datt emol e Minister géif kommen, datt e Programm, deen opgestallt ginn ass a vun der Regierung ofgeseent ginn ass, der Chamber géif presentéiert ginn, datt doriwwer géif breet debattéiert an diskutéiert ginn; datt d'Chamber awer géif an d'Exekutioun vun deene Moossnamen abezu ginn, déi fir déi nächst Joren an d'A gefaasst sinn.

Also, ech menge schonn, datt et dee richtige Wee ass. An ech denken, datt deen nächste Mëttelstandsminister - wien et dann och ëmmer ass - hoffentlech an deemselwechte Sënn viruifert an och a gewëssener Zäit eng Konsultatiounsdebatt mécht iwwert de véierte Méijoresprogramm fir Kleng- a Mëttelbetriber, well jiddfereen huet kloer gesot: Dat ass en Instrument, wat begréisst gëtt vum Secteur. Et ass en Instrument, wat sech bewährt huet.

De Gros vun de Moossnamen, déi an deem Plang stoungen, si meeschtens duerchgezu ginn zur Zefriddenheet vum Secteur. Ech mengen also, datt et e gutt Instrument ass. An ech mengen och, datt mer och duerch dëst Instrument de Mëttelstand stäerken. Et ass e wichtige Peiler vun der Ekonomie. Dat huet jiddfereen hei ënnerstrach; ech wëll dat och nach eng Kéier dann, fir ofzuschléissen, ënnersträichen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder ass d'Debatt ofgeschloss. Mir si mat kenger Motioun konfrontéiert. Duerfir kënnen mer dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Debatt iwwert de Projet vum Päreler Lycée. D'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet, den Här Vizepräsident Jos Scheuer.



3. 5854 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel au Protocole, signé à Perl, le 4 décembre 2006, entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le „Landkreis Merzig-Wadern“ sur les immeubles existants et sur le financement des projets immobiliers ainsi que les dépenses courantes du „Deutsch-Luxemburgisches-Schengen-Lyzeum Perl“, signé à Luxembourg, le 26 février 2008

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» **M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 4. Dezember am Joer 2006 huet Lëtzebuerg e Protokoll ënnerschrifft mam Landkreis Merzig-Wadern, fir eng gemeinsam Schoul zu Pärel ze organiséieren; an zwar op der Basis vu fifty-fifty - loosse mer et emol esou ausdrécken -; 50% vun de Frais gi gedroe vu Lëtzebuerg a 50% vun den Élève sollen och vu Lëtzebuerg kommen. Déi ganz Zeremonie war gedroe vun enger gewësser Euphorie a jiddferee war awer gespaant, wéi de Succès vun där neier Schoul wär.

Am Joer 2007 an 2008 sinn an d'5. Schouljoer - dat ass den Ufank vun där Schoul - 130 Élève gaangen. Vun deenen 130 sinn der 30 aus Lëtzebuerg komm. Fënnf Klasse sinn organiséiert ginn.

» **Une voix.** - Entschëllegt, den Här Kirchen huet de Maillot jaune!

(Hilarité)

» **M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.** - Dat geet net duer, datt een ufänkt ze kräischen heibannen.

» **M. le Président.** - Den Här Scheuer bleift beim Projet. Mir sinn hei net am Tour de France.

» **M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.** - Här President, ech wär frou, wann Der d'Kollegen och géift dorun erënneren. Den Intérêt schéngt net esou terribel grouss ze si fir d'parlamentaresch Aarbecht.

Am Joer 2008/2009...

(Interruption)

» **M. le Président.** - Ech hat zwar net déi Impressioun; och bei anere Fraktiounen net.

» **M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.** - Am Joer 2008/2009 si Statistiken opgestallt ginn, an zwar ass eng Zuel festgeluecht gi vun 162 Élève, déi sollen an dee Lycée goen. Lëtzebuerg soll 81 Plaze kréien an déi däitsch Gemenge ronderëm och 81 Plazen. Dës Kéier hu sech vu Lëtzebuerg aus scho 64 Kanner ageschriwwen. Dat heescht, mir hunn nach e Sputt vu 17 Plazen, déi net vun däitscher Säit hier besat ginn. Et ass ganz symptomatesch, datt déi däitsch Élève iwwer Lousentscheid erageholl gi sinn.

Zur Prozedur wëll ech näischt soen, mä Dir gesitt, datt dat schonn e Succès huet. De Lycée vu Perl-Schengen ass gesicht. Déi Lëtzeburger Élève kommen aus 18 Gemengen. De Gros kennt aus der Gemeng Schengen, néng; vu Wellesteen kommen der siwen; vu Réimech fënnf, a vu Mondorf och fënnf.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat gesot, datt déi Schoul e bësse Victime vun hirem Erfolleg géif ginn. Den 28. Februar 2008 ass dunn en zousätzleche Protokoll ënnerschrifft ginn, fir den Ausbau vun de Gebailechkeete virzehuelen. Ursprünglech waren 12 Milliounen virgesinn; elo si 25 Milliounen virgesinn. Vun deene 25 Milliounen falen der 12,5 op Lëtzebuerg.

Déi Zomm vu 25 Milliounen soll investéiert ginn, ass awer plafonéiert. Dat heescht alles, wat doriwwer geet, gëtt vun der däitscher Säit vum Landkreis Merzig-Wadern gedroen. Déi geschätzt Käschte sinn awer net 25 Milliounen, mä 20,4. An dat, wat Rescht bleift bis op déi 25, dat ass eng Zort vu Reserv, fir dann Imprévuen, déi sech elo schlecht chiffréiere loossen, ze finanzéieren.

De Statsrot huet natierlech zu dësem Projet e positiven Avis geschriwwen. Hie stellt awer eng Fro, an déi ass och just an der Kommissioun gestallt ginn, nämlech déi heiten: Ass esou e Projet net éligibel fir europäesch Bähëllef? A wann ee weess, wéi soupel déi Bähëllef munchmol behandelt ginn a wien alles dovunner profitéiere kann, dann ass déi Fro vum Statsrot hei wierklech berechtigt.

D'Kommissioun huet dee Projet an de Rapport à l'unanimité gestëmmt. Ech bréngen dann och heimat den Accord vu menger Fraktioun. Déi wäert e selbstverständlech och hei stëmmen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Déi honorabel Madame Gantenbein huet d'Wuert.

» **Une voix.** - Très bien.

Discussion générale

» **Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullén (CSV).** - Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dem Rapporteur Jos Scheuer Merci fir säi schrëttlechen a mëndleche Rapport; e kuerzen, awer et war alles dran. De Projet de loi 5854 iwwert den Zousazprotokoll zum Protokoll vum 4. Dezember 2006 ass e kleng Projekt mat dräi Artikelen, mä d'Wichtigkeet vun engem Projet gëtt net onbedéngt un der Zuel vun den Artekle gemooss.

Wann ee seet Däitsch-Lëtzebuergesche Schengen-Lycée Perl, da verbannen ech domat éischters emol eng Partie Datumen, wouvunner deen éischten an och dee wichtigsten den 13. Juli d'lescht Joer war, deen Dag, wéi mer d'Kreatioun vun dësem Lycée per Gesetz mat engem Vote unanime beschloss hunn.

Mir hunn deemools net geduecht, dass mer ee Joer méi spéit, pratiquement jour pour jour, dëse Lycée nach eng Kéier géifen op den Ordre du jour kréien. Ech verbannen domadder och déi duerchaus positiv Prises de position vu sämtleche Parteien am Plenum, déi all d'Atout vum esou engem Lycée ervirgestrach hunn. Ech verbannen domadder awer och dee positive bis euphorischen Nidderschlag an der lëtzebuergescher an der däitscher Press, déi dëse Lycée fonnt huet. Do stoung ze liesen: „ein Novum, vorbildlich, von grosser Symbolik, weltoffene Schule“ an „une école modèle pour l'Europe“. Mat dëse Vokabele gouf de Startschuss vun dëser Schoul de 27. August 2007 ëmschriwwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Akzeptanz vun dëser Offre scolaire war grouss. Wéi scho gesot ginn ass, waren 30 Lëtzeburger Schüler fir d'5. Schouljoer ageschriwwen, a véier Lëtzeburger Ensegnanten hunn do ënnerriicht. An all ware se verwonnert, déi lëtzebuergesch esou gutt wéi déi däitsch Autoritéiten. An dës Verwonnerng geet och dëst Joer nach weider. Fir d'nächst Schouljoer sinn et bis elo, de Rapporteur huet gesot 64, mir gouf gesot, bis elo wieren et der 65, mä op ee geet et net un, nei Lëtzeburger Inscripitiounen, an et solle fir datt d'nächst Schouljoer zéng bis zwielef Lëtzeburger Ensegnanten do ënnerriichten.

Pour information, am Ganze si fir d'nächst Joer 275 Schüler ageschriwwen. Et si sechs Klasse vum 5. Schouljoer a fënnf Klasse



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu